



n° 3794

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alf Christian, 13:25, 08/03/2021

Lëtzebuerg, den 08/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesesch fir Justiz weiderzeleeden.

Wéi een aus engem Communiqué vum 1.2.2021 vum Justizministère gewuer gëtt, hunn nach am leschte Joer 9389 Persounen d'lëtzebuergesch Nationalitéit iwwert d'Nationalitéitegesetz erhalen.

D'Dispositione vum Recouvrement vun der Nationalitéit goufen d'lescht Joer während der Covid-19-Pandemie, an deenen domadder verbonnene Reesverbueter an d'EU, nach ëm ee Joer verlängert, fir esou deene Leit, déi d'Prozedur zwar ugefaangen haten, mee net op Lëtzebuerg reese konnten, eng Chance op de Recouvrement ze ginn.

Den Delai vum Recouvrement leeft dem Gesetz no awer definitiv Enn vun dësem Joer aus. Et existéieren awer nach eng Rëtsch lëtzebuergesch Nofueren, déi net hu konnte vum Gesetz profitéieren, dëst, well d'Areesverbuet fir Net-EU-Bierger nach ëmmer a Kraaft ass an nom ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 19ten Dezember 2020, nach mindestens bis den 31te Mäerz wäert undauern.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesesch dës Froe stellen:

1. Plangt d'Regierung, den Delai de Recouvrement am Artikel 89 vum Nationalitéitegesetz op een Neits ze verlängeren a Betruecht dovunner, dass déi meescht Net-EU-Bierger nach ëmmer net an d'EU areesen dierfen?
2. Wat schwätzt, der Ministesesch no, géint eng Verlängerung vum Recouvrement, also eng Ofännerung vum Artikel 89 vum Nationalitéitegesetz?
3. Wat schwätzt géint eng generell Verlängerung vun der Recouvrementsprozedur an enger Verlängerung vun béiden Delaien ëm ee puer Joer?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 08 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3794 du 08.03.2021 de Monsieur le Député Sven Clement
- Recouvrement de la nationalité

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés